

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2022

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Ekonomieminister weiderzeleeden.

Am vergaangene Joer war ze beobachten, datt um Autosmarché souwuel d'Präisser vun den
neie Gefierer, wéi och den Occasioune staark an d'Luucht gaange sinn, ënner anerem well et un
Chippe feelt. Am Mee 2020 gouf an der Chamber den Handelsaccord CETA mat Kanada
gestëmmt, deen déi direkt Ofschafung vun enger Rei Zolltariffer virgesäit, mee beim Import vun
Autoen (an d'EU/op Lëtzebuerg) gëllen Iwwergangsbestëmmunge vun dräi, fënnf a siwe Joer.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Ekonomieminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi eng Zollbestëmmunge gëllen aktuell fir den Import vun Autoen aus Kanada op
Lëtzebuerg?
- 2) Gesäit d'Regierung vir, fir méiglech Spillraim bei den Iwwergangsbestëmmungen ze
notzen fir déi entspreichend Zolltariffer méiglechst séier ganz ofzeschaffen a sou där
ugespaanter Situatioun um Autosmarché duerch zousätzlech
Importméiglechkeeten entgéint ze wierken?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Gemeinsam Äntwert vum Här Wirtschaftsminister Franz Fayot, vum Här Aussenminister, Jean Asselborn an vun der Madamm Finanzministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5931 vum 15. Mäerz 2022 vum Här Deputéierte Roy Reding zur Importatioun vun Autoen aus Kanada

Dat europäesch-kanadescht Wirtschafts- an Handelsofkommes CETA huet d'Importzöll fir Importer vun Autoen aus Kanada op Lëtzebuerg fir d'Joer 2022 op 2,5% festgeluecht.

Ënnert dem CETA Ofkommes ginn d'Bestëmmungen zu den Importzöll a gläichméissege Schrëtt erof, vun Ufangs 10% bis op 0% 8 Joer no Akraaftriede vum Ofkommes.

An de Joren 2020 an 2021 sinn nëmme ganz kleng Quantitéite vun Autoen aus Kanada op Lëtzebuerg importéiert ginn an dëst Joer (Stand 31/03/22) nach guer keen.

D'Regierung ass also der Meenung dass den Ament keng weider Schrëtt musse geholl gi wat d'Zolltariffer vun Importatioune vun Autoen aus Kanada betrëfft. Hei besteet och kee Spillraum um nationale Niveau well dës Tariffer am ganzen EU Banneraum applikabel sinn.

Luxembourg, le 21/04/2022

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot